pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PEITENG

Referenz :2024.63496.SECR

Péiteng, den 6. November 2024

**Betreff: Är Froe vum 5. Oktober 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Här Georges Gérard- Tel. : 50 12 51 – 3021)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 5. Oktober 2024, deen der Gemengeverwaltung per Email den 6. Oktober 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Zu Rolleng gëtt momentan eng zweet Crèche innerhalb engem klenge Perimeter, spriech innerhalb enger Cité gebaut. Déi zwou Crèchen solle knapps 50 Meter vunenee getrennt.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

1. *Ass de Schäfferot en courrant, dat eng zweet Crèchen, an der Cité "op den Gehren" realiséiert gëtt?*

2. *Ass et richteg dat Gemengereglementatioun, Unzuel vun de Crèchen an engem gewëssenen Perimeter limitéiert? Fir eng Interpretatiounsdivergenz ze vermeiden, géife mer de Schäfferot froe fir den entspriechenden Artikel zur Reglementatioun ze annexéieren.*

3. *Baséierend vun der Gemengereglementatioun, ass déi zweet Crèche déi grad installéiert gëtt net konform. Ass Geneemegung vun der Gemeng bewosst oder onbewosst vum Schäfferot akkordéiert ginn?*

4. *Wéini gouf d'Geneemegung vun der zweeter Crèche an der Cité "op den Gehren" ginn?*

5. *Wéi geet et mat dëser Geneemegung weider? Gëtt déi zweet Crèche trotz dem Doute vun enger Nonkonformalitéit zur Reglementatioun realiséiert oder gëtt Geneemegung vun der Crèche nach emol gepréift?*

*Mat Respekt,*

*Chris Bernard*
*Gemengeconseiller*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Per E-Mail vum 6. Oktober 2024 hutt Dir dem Schäfferot op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz Froe betreffend d'Unzuel vun de Crèchen innerhalb enger Cité gestallt.

Op Basis vun dësem Artikel kënnen d'Membere vum Gemengerot dem Schäfferot Froe bezüglech der Verwaltung vun der Gemeng stellen, déi an de Kompetenzberäich vum Schäfferot falen.

Betreffend déi 2. Fro an Ärem Bréif, enthält d'Gemengereglementatioun vun der Péitenger Gemeng keen Artikel deen eng Situatioun vun der Unzuel regelt. Esou eng Dispositioun géif jo géint den "commerce libre" agéieren. Souwäit de PAG/PAP-QE esou Etablissementer erlaabt, kann a muss de Buergermeeschter Baupermisen ausstellen.

Mir maachen Iech opmierksam, dat déi aner vun Ären uewe genannte Froen an de Ressort vum Buergermeeschter eleng falen a soumat net vum Artikel 25 betraff sinn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118